



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7747 vum 10. Mäerz 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

De Prinzip vum „compte épargne-temps“ ass am Artikel 13bis vum „Statut du Personnel des Chemins de Fer Luxembourgeois“ festgehal, a gëllt domat fir all statutareshen Eisebunner.

En ass op den 1.1.2022 agefouert ginn als Instrument vu Flexibilitéit, souwuel fir d'Mataarbechter wéi och fir de Betrib (z.B. an Chantiers-Phase mat reduzéiertem Fuerplang).

(Règlement grand-ducal du 18 mars 2022)

« Art. 13bis. Un règlement interne à prendre, après que la délégation centrale du personnel y aura donné son avis, déterminera les conditions et modalités à respecter en vue de pouvoir bénéficier d'un compte épargne-temps qui permet aux agents de constituer et de reporter des droits à congé rémunéré, ainsi que de les liquider ultérieurement en temps utile. »

Een internt Reglement, den Ordre Général N°13 (relatif au régime des congés des agents du cadre permanent) definéiert déi praktesch Uwendung vun dësem « compte épargne-temps» an ass de Bestëmmunge vun de Staatsbeamten ugepasst.

Well et op der CFL beim operative Personal betribsbedéngt ënnerschiddlech Aarbechtsorganisatiounsforme gëtt wéi beim administrative Personal, ass den Detail vun der spezifescher Ëmsetzung um Niveau vun de jeeweilegen Aktivitéitsberäicher fixéiert.

Een Ënnerscheid ass z.B. datt Mataarbechter aus dem operative Beräich deels no „roulement“ oder „tableau de service“ mat festen Zäiten schaffen, an d'Schichte vun engem Planungsbüro festgeluecht ginn.

Dëst am Géigesaz zu de Mataarbechter am „Horaire mobile“, déi hir Aarbechtszäite gréisstendeels selwer a flexibel kënne geréieren.

Am operative Beräich gëtt et och Situatiounen, wou de Planungsbüro zesumme mat de Mataarbechter kuckt fir ale Congé (vun de Joere virdrun) oder Iwwerstonnen anzesetzen, wann zum Beispill Leit mussen duerch gréisser Chantier'en doheem bleiwen, well dee Moment einfach manner Personal gebraucht gëtt. Dëst ass eng Praxis déi bis lo ëmmer gutt funktionéiert huet.

No der Aféierung an engem 1. Bilan iwwert de Fonctionnement mam „CET“ ass de Wonsch opkomm präzis Richtlinie nidderschreiwen, ënner wéi enge Konditiounen den Employeur kann Zougrëff op de CET huelen. Dës Richtlinie sënn d'CFL amgang mat hire Sozialpartner auszeschaffen.

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch